**adr**

*ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI*

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 AOUT 2019
1042

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Immigratiounsminister Asselborn, den Här Justizminister, un d'Madamm Banneminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Zënter dem Joer 2015 ass eng grouss Zuel vu Migranten an Europa komm, dovun och vill op Lëtzebuerg. An dem Zesummenhank wéilt ech de concernéierte Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Dispositioune bestëmmen hei am Land, ob eng Persoun sech legal oder illegal um Lëtzebuerger Territoire ophält? Wéi eng Moossname si virgesinn, fir de Fall, wou eng Persoun sech illegal zu Lëtzebuerg ophält?
2. Déi Leit, déi hei am Land kee Statut als BPI oder dee vun engem „subsidiaresche Schutz" kruten, misste jo d'Land verloossen. Wa si awer trotzdeem heibleiwen, ass hir Präsenz, rechtlech gesinn, „illegal"? Weess d'Regierung, wéivill Leit ongeféier, déi eigentlech net méi däerften am Land sinn, sech nach op eisem Territoire ophalen?
3. A wéi eng Länner missten déi Leit zréckgeféiert ginn?
4. Kréien déi Leit nach iergend eng Form vun direkter oder indirekter Ënnerstëtzung duerch de Staat?
5. Mat wéi enge Mëttelen an a wéi engen Delaie wëll d'Regierung dës Leit aus dem Land bréngen?
6. Wa Kanner vu Leit, déi illegal am Land sinn, an d'Schoul ginn, sinn d'Schoulen oder déi respektiv kommunal oder staatlech Schoulautoritéiten ugehalen, fir feststellen ze loossen, wou déi Familljen sech ophalen?
7. Gëllen och hei déi rechtlech Dispositioune fir d'Membere vum ëffentlechen Déngscht, déi et no dem Stroofgesetzbuch zu enger rechtlecher Obligatioun maachen, fir festgestallten Illegalitéiten ze denoncéieren? Mat wéi enge Konsequenzen mussen d'Leit vum Léierpersonal oder Verantwortlecher an de Gemengen (Buergermeeschter a Schäffen, verschidde Kategorie vu Gemengebeamten oder Gemengenaarbechter) rechnen, wa si wëssen, datt Persounen sech illegal an der Gemeng ophalen, dat awer net denoncéieren?

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

8. Gëtt et Leit, déi hei am Land, mat Wëssen a mam Accord vun der Regierung, „toleréiert" ginn, obwuel si eigentlech keng rechtlech Grondlag hu fir sech hei opzehalen? Wa jo, wéi eng Leit sinn dat, firwat a fir wéi laang gi si „toleréiert" a wéini musse si d'Land verloossen? Wéi eng rechtlech Grondlag gëtt et fir esou eng „Toleranz"?
9. Wëll d'Regierung der Chamber eng gesetzlech Reegelung virschloen, déi et ënner Strof géing stellen, enger Persoun, déi illegal am Land ass, ze hëllefen, sech den Autoritéiten ze entzéien?
10. Wéi eng Méiglechkeeten a wéi eng Obligatioun hunn déi kommunal Autoritéiten, fir den Openthalt vu Persounen an enger Situatioun vun illegaler Präsenz um nationalen Territoire an hirer Gemeng festzestellen, respektiv bei der Police oder beim Parquet ze denoncéieren, wa si esou eng Situatioun festgestallt hunn? Hu si eng Méiglechkeet fir zu all Abléck festzestellen, ob eng bestëmmte Persoun eng legal Präsenz um Territoire huet, zum Beispill iwwer de Réckgrëff op eng staatlech Datebank?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 SEP. 2019

**Äntwert vum Här Immigratiounsminister, der Madame Banneminister an dem Här Schoulminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 1042, vum 8. August 2019, vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1) *Wéi eng Dispositioune bestëmmen hei am Land, ob eng Persoun sech legal oder illegal um lëtzebuerger Territoire ophält? Wéi eng Moosname si virgesinn, fir de Fall, wou eng Persoun sech illegal zu Lëtzebuerg ophält.*

D'Konditiounen, déi eng Persoun, déi net-Lëtzebuerger ass, erfëllen muss, fir sech legal zu Lëtzebuerg opzehalen, sinn am Immigratiounsgesetz vun 2008 festgeluecht. Fir Leit, déi aus engem Drëttstaat kommen, gesinn d'Artikel 100 bis 102 vun dem Gesetz fir, wéini eng Persoun an engem "séjour irrégulier" ass an wéini si opgefuerdert gëtt d'Land ze verloossen. Den Artikel 111 vum selwechten Gesetz präziséiert an wéi engem Délai d'Persoun d'Land verloossen muss. Wann d'Persoun während dësem Délai net fräiweilleg gaangen ass, an och soss keng valabel Ursaachen kann uginn, firwat hiren Retour net méiglech ass, dann gëtt d'Prozedur fir den forcéierten Retour ageleet.

Wann néideg kann e Placement am Centre de rétention virgesinn ginn en Vue vun sou enger forcéierter Réckféierung. Während der Prozedur fir déi forcéiert Réckféierung, an bis d'Réckféierung stattfënnt, ass d'Persoun dann an engem irrégulären Séjour zu Lëtzebuerg.

2) *Déi Leit, déi hei am Land kee Statut als BPI oder dee vun engem „subsidiaresche Schutz" kruten, misste jo d'Land verloossen. Wa si awer trotzdeem heibleiwen, ass hier Präsenz, rechtlech gesinn, „illegal"? Weess d'Regierung, wéivill Leit ongeféier, déi eigentlech net méi däerften am Land sinn, sech nach op eisem Territoire ophalen?*
3) *A wéi eng Länner missten déi Leit zréckgeféiert ginn?*

Eng Persoun déi keen internationale Schutz zu Lëtzebuerg kritt, ass net direkt an enger irregulärer Situatioun. Dës Leit hunn en Délai vun 30 Deeg fir d'Land ze verloossen. Op Ufro kann deen Délai och verlängert ginn. Des Weideren hunn d'Recoursen virun den administrativen Geriichter en suspensiven Effekt.

Et ginn och Fäll wou Persounen eng Demande fir en Sursis oder e Report à l'éloignement maachen, am Fall wou den Retour an hiert d'Heemechtsland aus medezineschen oder soss valabelen Ursaachen net méiglech ass.

Et ass net méiglech eng genee Zuel ze ginn vun den Leit, déi an engem irregulären Séjour zu Lëtzebuerg sinn vu dat déi Leit hir Präsenz zu Lëtzebuerg den Autoritéiten net onbedéngt matdeelen.

Wann een elo just déi Leit kuckt, deenen hir Ufro ob internationalen Schutz refuséiert gouf, an déi an hiert Heemechtsland zréckgefouert ginn, dann sinn dat Leit aus dem Kosovo, Albanien an de Montenegro.

4) *Kréien déi Leit nach iergend eng Form vun direkter oder indirekter Ënnerstëtzung duerch de Staat?*

Déi Leit déi eng Demande de protection internationale ofgeleent krute kënne weiderhin an de Strukture vum OLAI wunnen vir et ze erméiglechen hire Retour en bonne et due forme ze organiséieren. D'Aides matérielles sinn déi Zäit op d'Ënnerbréngung an d'lessen limitéiert. Et kënnen awer punktuell Hëllefen zur Verfügung gestallt ginn, wéi zum Beispill Schoulmaterial vir Kanner oder medezinesch Ënnerstëtzung.

5) *Mat wéi enge Mëttelen an a wéi engen Delaie wëll d'Regierung dës Leit aus dem Land bréngen?*

D'Regierung sëtzt virun allem drop, dass d'Leit nees fräiwëlleg an hiert Hierkonftsland zréck ginn. Fir dëst ze fuerderen, gräift d'Regierung op divers finanziell Ënnerstëtzungen, wéi och op d'Hëllef vun der Internationaler Organisatioun fir Migratioun, zréck.

Zu enger realistescher Migratiounspolitik, gehéieren awer och ëmmer nees gezwongen Réckféierungen.

All Dossier ass anescht, esou dass et schwéier ass eng generell Ausso ze maachen iwwert den Delai an dem sou eng Réckféierung kann duerchgefouert ginn. Dëst virun allem wëll d'Organisatioun vun den Réckféierungen net nëmmen un der Identifikatioun vun de Leit hänkt, mee och a virun allem un der Collaboratioun vun de Leit selwer an den Autoritéiten vun hirem Hierkonftsland.

6) *Wa Kanner vu Leit, déi illegal am Land sinn, an d'Schoul ginn, sinn d'Schoulen oder déi respektiv kommunal oder staatlech Schoulautoritéiten ugehalen, fir feststellen ze loossen, wou déi Familljen sech ophalen?*

Laut Artikel 7 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Schoulpflicht (loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire) muss all Kand am Alter vun 4 bis 16 Joer dat zu Lëtzebuerg wunnt an d'Schoul goen:

"Tout enfant habitant le Luxembourg âgé de quatre ans révolus avant le premier septembre, doit fréquenter l'École. Cette obligation s'étend sur douze années consécutives à partir du premier septembre de l'année en question."

Onofhängeg mat wat fir engem Statut e Kand sech bei eis am Land ophält, huet all Kand d'Recht an d'Pflicht op Bildung. Spéitstens dee Moment wou de Staat oder d'Elteren deen Artikel, respektiv dat entspriechend Recht an déi Pflicht geltend maachen, muss och gewosst sinn, wou d'Kand wunnt a wou d'Famill sech ophält.

Et sief an dem Kontext och nach op den Artikel 19 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Schoulpflicht verwisen:

"Le collège des bourgmestre et échevins ou le bureau du syndicat scolaire intercommunal veillent au respect de l'obligation scolaire. Chaque année, pour le 1er octobre, il dresse la liste de tous les enfants résidant dans la commune et qui sont soumis à l'obligation scolaire."

7) *Gëllen och hei déi rechtlech Dispositioune fir d'Membere vum ëffentlechen Déngscht, déi et no dem Stroofgesetzbuch zu enger rechtlecher Obligatioun maachen, fir festgestallten Illegalitéiten ze denoncéieren? Mat wéi enge Konsequenzen mussen d'Leit vum Léierpersonal oder Verantwortlecher an de Gemengen (Buergermeeschter a Schäffen, verschidde Kategorie vu Gemengebeamten oder Gemengenaarbechter) rechnen, wa si wëssen, datt Persounen sech illegal an der Gemeng ophalen, dat awer net denoncéieren?*

Membere vum ëffentlechen Déngscht sinn am Exercice vun hiren Funktiounen gehalen Delikter an Verbriechen ze dénoncéieren. En irregulären Séjour zu Lëtzebuerg fält net ënnert des Kategorien.

8) *Gëtt et Leit, déi hei am Land, mat Wëssen a mam Accord vun der Regierung, „toleréiert" ginn, obwuel si eigentlech keng rechtlech Grondlag hu fir sech hei opzehalen? Wa jo, wéi eng Leit sinn dat, firwat a fir wéi laang gi si „toleréiert" a wéini musse si d'Land verloossen? Wéi eng rechtlech Grondlag gëtt et fir esou eng „Toleranz"?*

Geméiss dem Artikel 111, kann een Uerder fir d'Land ze verloossen verlängert ginn.

Während de Preparatiounsphase vun enger gezwongener Réckféierung sinn déi betraffen Persounen nach ëmmer an engem irreguläre Séjour. Dëst bedeit deemno dass hiren Séjour net „toleréiert" ass. Natierlech ginn et och Fäll wou d'Organisatioun vun der Réckféierung sech als ganz schwiereg erweist an déi Concernéiert sech iwwer eng länger Zäit irregulär am Land ophalen.

Laut den Artikelen 125*bis,* 129, 130 an 131 vum Immigrationsgesetz vun 2008 kann eng déboutéiert Persoun temporaire „toleréiert" ginn iwwert de Wee vun engem Sursis oder engem Report à l'éloignement. Dës Méiglechkeet ass awer un d'Konditiounen gebonnen, sou wéi se am Gesetz virgesinn sinn.

9) *Wëll d'Regierung der Chamber eng gesetzlech Reegelung virschloen, déi et ënner Strof géing stellen, enger Persoun, déi illegal am Land ass, ze hëllefen, sech den Autoritéiten ze entzéien?*

Nee.

10) *Wéi eng Méiglechkeeten a wéi eng Obligatioun hunn déi kommunal Autoritéiten, fir den Openthalt vu Persounen an enger Situatioun vun illegaler Präsenz um nationalen Territoire an hirer Gemeng festzestellen, respektiv bei der Police oder beim Parquet ze denoncéieren, wa si esou eng Situatioun festgestallt hunn? Hu si eng Méiglechkeet fir zu all Abléck festzestellen, ob eng bestëmmte Persoun eng legal Präsenz um Territoire huet, zum Beispill iwwer de Réckgrëff op eng staatlech Datebank?*

D'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vun den Persounen gesäit fir an wéi engen Konditiounen eng Persoun sech kann op enger Gemeng umellen an ob de Gemengeregister ageschriwwen

ginn. An dem Kader gëtt och der administrativer Situatioun vun enger Persoun par rapport zum Immigratiounsgesetz vun 2008 Rechnung gedroen. Just Leit, déi ënnert ee vun de Cas de Figure falen, déi an den Artikelen 24 an 27 vum Gesetz vum 19. Juni 2013 opgelëscht ginn, kënnen an enger Gemeng ugemellt sinn. Leit, déi opgefuerdert gi fir d'Land ze verloossen well se an engem "Séjour irrégulier" sinn, ginn zum Beispill laut Artikel 27 weiderhin am Gemengeregister gefouert, allerdéngs um "registre d'attente" bis zu dem Moment, wou d'Réckféierung stattfënnt.

Leit, déi d'Konditiounen vun den Artikelen 24 oder 27 net erfëllen, kënnen deemno och net an den Gemengeregister ageschriwwe ginn, a mussen der Gemeng als éischt déi néideg Pabeiere virweise fir hir administrativ Situatioun par rapport zum Immigratiounsgesetz ze dokumentéieren. D'Gemengen hunn keen Accès op eng staatlech Datebank, déi hinnen Informatiounen iwwert déi administrativ Situatioun vun enger auslännescher Persoun kéint ginn, mee hunn awer d'Méiglechkeet déi fir d'Aschreiwung op den Register néideg Dokumenter, bei de Leit selwer nozefroen.

D'Gesetz vum 19. Juni 2013 reegelt och d'Kontrollméiglechkeete vun de Gemengen am Fall wou si mengen, dat eng Persoun déi néideg Konditiounen net erfëllt oder net méi erfëllt.